

Mutations / 26.06.2020

Dir Dammen an Dir Hären,

Léif Frënn,

2020 geet d'Dekad vun de Vereenten Natiounen zur biologescher Vilfalt op en Enn. 2010 haten sech op Invitatioun vun der Convention of Biological Diversity Verrieder vun zweehonnert Länner zu Aichi a Japan getraff. Deemools hunn se 20 Zieler festgehalten, déi bis dëst Joer sollten erreecht ginn fir den Réckgang vun der biologesch Diversitéit ze stoppen.

2019 huet dunn de globale Bericht vum Weltbiodiversitéitsrot festgestallt, wéi onendlech wäit mer vun den Zieler vun Aichi ewech sinn. Schold dorunner si d'Mënschen, déi d'Waasser verknaschten, ëmmer méi an den Déieren a Planzen hier natierlech Habitater andréngen, Reebëscher zerstéieren, onbedéngt T-Shirter fir 2 € vum aneren Enn vun der Welt mussen hunn an all Warnungen, déi de Klima betreffen, an de Wand schloen.

D'Auswierkungen vun esou eng Vogel-Strauss-Politik gesi mer all Dag: et schneit kaum nach, et reent net genuch, d'Felder verdréchnen, Akerbau a Wäibau leiden. Uebst- a Geméiszorten, déi et fréier nach iwwerall gouf, krit een net méi ze kafen. Et gesäit ee kaum nach Päiperleken, vum Kierwerléck net ze schwätzen.

Wa mer déi Schied wëlle verstoen, déi mer der Biodiversitéit, den Ekosystemer an der Natur am allgemengen undoen, musse mer och vun den indirekten Ursaachen vun där negativer Entwécklung schwetzen. Dozou gehéiert den ongebremsen demographesche Wuestëm, d'Konsumgesellschaft an - niewent aneren - den Tele-Coupling: Mir huelen aus enger Géigend vun der Welt Réistoffer eraus, déi dem Konsum an anere Géigende vun der Welt déngen. Weltwäit Transportweeër, eng rasant Urbaniséierung (säit 1992 hunn d'urban Flächen sech verduebelt), intensiv Landwirtschaft an Mentalitéiten wéi „Ëmmer méi, ëmmer méi bëlleg“ droen hier dozou bäi, d'Gläichgewiicht téschent Mënsch an Natur ze zerstéieren.

33 % vun der Gesamtfläch vun der Welt a 75 % vum Séisswaasser ginn an den Akerbau an d'Véizuucht. Op der ganzer Welt ginn am Moment pro Joer 60 Milliarden Tonnen erneierbarer an net erneierbarer Ressourcen aus dem Buedem geholl. Wéinst der Degradatioun vun de Biedem duerch Verknaschtung an intensiven Akerbau ass d'Produktivitéit weltwäit ëm 23 % zrëckgaangen. Awer och déi Produktivitéit, déi et haut nach gëtt, ass a Gefor, well d'Polleniséierung zrëck geet.

Et ass also total illusoresch, dass d'Zieler vun Aichi erreecht ginn. Awer och verschidden Objectifs de développement durable vun der Agenda 2030 sinn net méi ze errechen. Dat si besonnesch déi iwwert de Kampf géint d'Aarmut an den Honger, den Asaz fir d'Gesondheet a proppert Waasser, fir nohalteg Stied oder de Klimaschutz. De Réckgang vu Biodiversitéit ass e grave Problem, dee wäit iwwert de strikten Naturschutz erausgeet : en huet en direkten Afloss op d'Entwécklung – op nohalteg oder net, op d'Wirtschaft, den Aarbechtsmaart, d'Gesellschaft an d'Gesondheet.

A säit Ufank vun dësem Joer liewe mer mat enger anerer Auswierkung vun dem Raubbau, dee mer un der Natur ausrichten: der Corona-Pandemie. Doduerch, dass mer den Déieren hiere Liewensraum huelen, kommen si ëmmer méi an ons Liewensraum an déi Viren, déi si droen, kënnen sech un de

Mënsch upassen. Global Reessgewunnechten an Handelsweeër féieren dann dozou, dass wéinst engem Virus, deen op engem chinesesche Wet-Market ausbrécht, honnertausende Mënschen op der ganzer Welt krank ginn a stierwen. Di däitsch Ëmweltministerin Schulze huet gesot: „Es geht darum, den Wildtieren künftig den Platz und die vielfältigen Ökosysteme zu geben, die sie brauchen, damit Mensch und Tier einen gesunden Abstand zueinander halten können“. Naturschutz ass also och Gesondheetsschutz.

De Rapport vun dem Weltbiodiversitéitrot hält fest, dass 75 % vu Land a 66 % vun den Ozeaner duerch den Agrëff vum Mënsch verännert goufen. Manner gravéierend ass dësen Agrëff den Expert'en no a Géigenden, déi vu lokale Gemeinschaften geréiert ginn. An dat erlaabt mer den Iwwergang zur UNESCO Biosphere.

Am Communiqué vum Weltbiodiversitéitrot steet eppes, dat wonnerbar op de Konzept vum MAB passt. « Le document souligne combien il est important, entre autres, d'adopter une gestion intégrée et des approches intersectorielles qui prennent en compte les compromis entre la production alimentaire et celle de l'énergie, les infrastructures, la gestion de l'eau douce (...) ainsi que la conservation de la biodiversité ».

« Gestion intégrée » an « approches intersectorielles » sin zwou wichteg Grondlagen vun enger Biosphere.

Ons Viraarbecht fir d'Kandidatur fir de Programm Man and Biosphere vun der UNESCO war vun Ufank un op d'approches intersectorielles ugeluecht. Wann Dir lech déi Publikatioun ukuckt, fir déi mer haut hei sinn, gesäit een dat klar. An engem Band ginn Geologie an Urbanismus, Biodiversitéit a Kulturgeschichte, Tourismus an Architektur, Produits du Terroir a Consultations citoyennes ugeschwaach. Mir hunn hei am Minett déi grouss Chance, dass Universitét a Fuerschungsinstituter op der Plaz sinn, déi natierlech scho méi laang op Sujet'e schaffen, déi d'Minett Biosphere betreffen, aber elo kommen se an engem interessanten a komplexe Projet zesummen.

Déi 11 Südgemengen, déi de Projet gemeinsam droen, waren direkt drun interesséiert, well déi responsabel Politiker schnell gesinn hunn, wat vir grouss Virdeeler esou e gemeinsamen, intersektorielle Projet fir hier Gemengen hätt. Zesummen, ënnert enger zentraler „Gestion intégrée“, sinn Initiativen an Etüde méiglech, déi eng eenzel Gemeng kaum maache kéint. A wann dach, wären et nëmme Resultater fir eng eenzel Gemeng. Esou entsteet eng Zesummenaarbecht op verschiddensten Niveauen fir iwwert de Minett, seng Natur a seng Mënschen, ze fuerschen an e regional nohalteg Entwécklung vun enger ganzer Region unzestriewen. D'UNESCO ass staark un der Lëtzebuerger Kandidatur interesséiert, well se en urbaniséiert an industrialiséiert Gebitt betrifft, dat esou ka Modellcharakter hunn fir aner ähnlech Regionen.

Wéi mer viru 4 Joer ugefaangen hunn, ons mat der Méiglechkeet vun enger MAB-Kandidatur vum Süden ze beschäftegen, war et ons séier klar, dass d'Komplexitéit vum Dossier ze grouss wier, fir dass den initiale Grupp – ech däerf en nennen: d'Catherine Decker, de Jean Goedert, de Robert Garcia an ech selwer – esou eppes Ambitiéises eleng kéint meeschten. Mir hunn erweidert mat Verrieder vun dem ProSud, der ANF, dem ORT, dem Kulturministère, dem Aménagement du Territoire, dem Naturmusée, duerno och mat Mataarbechter vu LIST, LISER an der Uni Lëtzebuerg.

- Aus engem gréissere Comité MAB goufen dunn thematesch Aarbechtsgruppe gegrënnt, déi sech z.B. mat Biodiversitéit, Tourismus, Produits du Terroir oder Industriepatrimoine beschäftegt hunn.
- Aus dëser leschter Aarbechtsgrupp ass d'asbl Industriekultur-CNCI erausgaangen, déi haut eng Konventioun mam Kulturministère huet, a sech staark mecht fir den Erhalt vun

Industriegebäuer wéi z.B. d'Gebléishal um Belval oder d'Keeseminnen op der Rouder Lëns anzesetzen. Och schaffe mer un dem Konzept vun engem Centre national de la Culture industrielle.

- Den Aarbechtsgrupp Produits du Terroir ass am Gaang, d'lokal Produzenten ze vernetzen a Réseauxen fir lokal Distributioun opzebauen.
- Den Aarbechtsgrupp Red Rock Trail huet zesumme mat dem Ordre des Architectes et Ingénieurs e Concours fir Gîten an deenen 11 Südgemengen organiséiert, en ambitiéis, spannenden a kreative Projet, dee bestëmmt vill Succès wäert hunn.

Awer all ons Iwwerleeungen wieren nure Pobeier bliwwen, wann mer net en Träger fond hätten, dee bereet war, fir d'Kandidatur fir den MAB-Programm ze droen an duerno och d'Biosphère ze geréieren. Dofir ware mer frou an houfreg, wéi den interkommunale Syndikat Pro-Sud eestëmme seng Bereetschaft erkläert huet, dat ze man.

Erlaabt mer op dëser Plaz en éischte Merci un di zwee Presidenten vum Pro-Sud, déi dëse Projet vu sengen Ufäng un bis haut mat Kompetenz an Engagement begleet hunn, de Roberto Traversini an d'Anouk Boever-Thill. Ouni hier Ënnerstëtzung hätte mer net kënne maachen. Si hunn d'Consultations citoyennes an deenen 11 Gemenge méiglech gemaach a si hu virun allem ons zwee wonnerbar Mataarbechterinnen zur Säit gestallt: d'Isabelle Renoir an d'Gaëlle Tavernier.

Ech si och frou iwwert déi enk Kontakter mat Esch2022: d'Kulturjoer an d'UNESCO Biosphère ergänze se sech wonnerbar. Wann Enn 2022 d'Kulturjoer eriwwer ass, liewe seng Acquis'en a seng Projet'en an der Biosphere wieder.

D'UNESCO-Kommissioun ass deene Ministèren dankbar, déi dëse Projet vun Ufank un mat Interessi verfollegt an ënnerstëtzt hunn: de Kulturministère, den Environnement, den Aménagement du Territoire, den Tourismus an d'Ekonomie. Ouni d'aktiv Mathëllef an Ënnerstëtzung vu grouse Staatsverwaltungen wéi der Administration de la Nature et des Forêts oder dem Département Aménagement du Territoire wier dës Kandidatur net méiglech gewiescht.

Mir alleguer soen der Fondation Bassin Minier Merci, fir dass si ons d'Geleeënheet ginn huet, an hirer wonnerbarer Publika-tioun *Mutations* divers Aspekter vun der Minett UNESCO Biosphere virzustellen. Esou bleift eng wäertvoll a villsäiteg Trace vun onser Aarbecht a mir hoffen, dass mer an e puer Joer an enger weiderer Nummer kënnen en éischte Bilan zéien.